



sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler  
A l'attention du Collège échevinal  
18, rue Principale  
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, de 7. Februar 2025

**Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 11. Februar 2025**

Madamm Buergermeeschtesch,  
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengerotsmemberen erlaben sechlech folgend Fro'en ze stellen an hoffen ob eng Äntwert am Gemengerot vum 11.02.2025. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mirlech an der Suite ons Är Äntwerte schrëftlech zoukommen ze loossen.

**Fro 1:**

Am Bezuch op e Brëif un CSV Conseilleren, datéiert 03.02.25, vum Innenminister Léon GLODEN betreffend dem Finanzexpert froe mirlech ob de Schäfferot mam Expert e Confidentialitéitsaccord ofgeschloss sou wéi vum Minister geroden? Wann jo, kennt Dir ons an dem Personal dee w.e.g. zoukomme loossen? Wann net, plangt de Schäfferot sou en Accord sou séier wéi méiglech ze ënnerschreiwen?

Laut deem Brëif huet de Minister de Schäfferot gefrot fir him eng Oplëschung vun de Missiounen zoukommen ze loossen, déi de Finanzexpert fir d'Gemeng Sandweiler ausgefouert huet, respektiv ausféiert oder ausféiere wäert. Kënnt Dir ons déi Missiounen, sou wéi se och dem Minister geschéckt goufen, am Detail opzielen?

Romain DUMONG  
Conseiller

Jean LEMMER  
Conseiller

Simone MASSARD-STITZ  
Conseillère